véiermol 10 Minutten, déi ech zegutt hun, dozou gebrauchen.

Här President. Ech begréissen et, dass endlech méng verschidde Propositions de loi, déi dat aktiivt an dat passiivt Walrecht betreffen, op den Ordre du jour vun dësem Plenum kommen.

Virun iwwer engem décke Jor, no der Interpellatioun vun der DP iwwer d'Jugend, hat ech schon de 7. Dezember 1995 eng Proposition de loi betreffend dat passiivt Walalter deposéiert, mat der Demande, fir se kënnen an enger nächster Séance publique ze erläuteren, wéi dat jo och an eisem Reglement virgesinn as.

Ech hat och am November 1995 suggéréiert, anlässlech vun der Interpellatioun iwwer d'Jugend, déi d'DP deemools gefrot hat - iwwregens laang ier d'Schüler op d'Strooss hu misse goen - dass ee soll dat aktiivt Walalter op 16 Jor an de Gemengen erofsetzen, an ech hat eng diesbezüglech Propositioun envisagéiert.

Den 23. November 1995 hat ech gesot: « Et kënnt een op alle Fall an d'Richtung goen, fir fakultativ op Gemengenniveau d'Walrecht fir 16 Jor anzeféieren. » An der Zwëschenzäit hun d'Häre Kollwelter an Zanussi och diesbezüglech Propositiounen eragin, mat intensiver Publicity, wéi een dat jo beim Här Kollwelter gewinnt as. Ech wëll awer elo hei keng Diskussioun féieren, wien als éischten wat fir eng Iddi hat. Hei soll et ëm d'Saach goen, dat heescht konkret, ëm eng gesetzlech verankert an demokratesch Matbestëmmung vun dene Jonken an eiser Gesellschaft.

Wann also nach Deputéierten un där Aufgab wëlle schaffen, da begréissen ech dat. Zesummen hu mer da waarscheinlech méi Energie a Chancen, fir un eist Zil ze kommen.

Ech kann op alle Fall soen, dass ech scho virun iwwer engem Jor déi Iddiën a Propositiounen hei an der Châmber lancéiert hat. D'Châmber hat awer virun engem Jor méng Resolutioun, wou et ëm d'Erofsetze vum passive Walalter op Landesniveau geet, an och d'Diskussioun vun deem Projet am Plenum deemools ofgeleent, well eng Proposition de révision de la Constitution dermat verbonne wir.

Deemools as begrënt gin, ënner anerem vum Här Asselborn, datt een eng Proposition de révision vun der Konstitutioun nët kënnt am héijen Haus diskutéieren, well een domat de facto d'Châmber géif opléisen oder datt een dat misst gläichzäiteg maachen. Ouni Verfassungsspezialist ze sin, huet engem dat e bësschen en Nonsens geschéngt. Mëttlerweil schénge jo och aner Leit déi selwecht Menung ze hun, well mer iwwer déi Proposition de loi, wou och eng Proposition de révision de la Constitution dran as, hei am Parlament wéinstens kënnen diskutéieren.

Ech mengen, dat gët eis elo d'Geleënheet, fir endlech am Parlament iwwer de Sujet Matbestëmmung vun dene Jonken ze debattéieren. Et hu schon eng Rei Tables rondes am Land stattfond, an och op anere Plazen as diskutéiert gin. Et as awer ganz wichteg, dass mer endlech hei am Parlament iwwer dee Sujet schwätzen, debattéieren an dann och Faarf bekennen.

Säit d'Schüler jo massiv op d'Strooss gaange sin a bewisen hun, dass se wëlle gehéiert gin an dass si och eppes ze soen hun, schéngt elo endlech d'Regirung dës Kategorie vu Mënschen entdeckt ze hun. Säit 1995, no eiser Interpellatioun, ware Wäissbicher iwwer d'Jugend oder Pilotprojetë fir Jugendparlamenter schon e puermol annoncéiert gin, mä et war awer nach näischt geschitt. Eréischt nom Streik gin déi éischt Avant-projetën iwwer Matbestëmmung vun der Jugend présentéiert oder Forumen organiséiert. Dat as bestëmmt nët ze fréi.

Ech begréissen och, dass de Minister vun der Jugend haut de Mëtteg hei as a lauschtert, wat d'Châmber zu dësem Thema ze soen huet.

Dir Dammen an Dir Hären. Déi leschté Kéier as 1972 hei zu Lëtzebuerg de Walalter erofgesat gin. Fir kënnen op e politescht Mandat gewielt ze gin, gouf deemools den Alter op 21 Jor festgeluegt. Et muss een drun erënneren, dass deemools d'Groussjäregkeet nach op 21 Jor festgeluegt war. Et bestung also eng logesch Relatioun zwëschen den allgemengen Zivilrechter an dem Recht, sech kënnen op Lëschten opsetzen ze loossen a kënne gewielt ze gin.

Fir kënne wielen ze goen, huet ee missen 18 Jor hun. Et huet een also 1972 och nët misse groussjäreg sin, fir kënnen dat aktiivt Walrecht auszeüben.

Mëttlerweil sin iwwer 20 Jor vergaangen an eis Gesellschaft an déi jonk Generatiounen hu sech och veränert. Dat kann engem gefalen oder nët, mä dat as nun emol e Fait, mat deem ee sech muss ausernanersetzen.

D'Erzéiung am Elterenhaus an an der Schoul huet changéiert. Si as manner autoritär gin, si setzt méi op Matbestëmmung, kritesch Ausernanersetzung mat deem, wat ronderëm ee passéiert. Déi Jonk kréien och méi perséinleche Fräiraum akkordéiert. Déi Jonk gi méi staark mat hire Virstellungen, Menungen, Problemer oder Wënsch considéréiert, a si gin als Individuum méi respektéiert, wat sech jo nët zulescht och an der Convention des Droits de l'Enfant, déi jo déi Jonk mat abegräift, nidderschléit.

D'Resultat vun all deem as, datt déi jonk Matbiirger méi e grousse Wonsch no Autonomie an Egestännegkeet hun, awer och méi interesséiert sin un der Matbestëmmung vun hirem Emfeld an der Gesellschaft.

Hei zu Lëtzebuerg huet jo dee rezente Schülerstreik dat nach eng Kéier mat grousser Däitlechkeet ënnerstrach. Déi Jonk wëllen ëm hir Menung gefrot gin an un den Décisiounen, déi si betreffen, matschwätzen. Si sin och bereet, fir Responsabilitéiten ze iwwerhuelen. Datt se dat kënnen, hu se jo bewisen. Jidferee ka sech erënneren, wéi disziplinéiert dee Streik ofgelaf as, wéi d'Schüler sech selwer an d'Verantwortung geholl hun, a wéi se konstruktiv elo versichen u Léisungsvirschléi matzeschaffen.

Déi Disponibilitéit as eng eenzegaarteg Chance, fir se an d'Fonktionnéiere vun der Demokratie mat anzebannen, a fir se ze léieren, Verantwortung an der Gesellschaft ze iwwerhuelen.

Ech mengen, et muss ee sech virun allem virun Aën halen, datt all déi Décisiounen, déi déi Erwuessen haut huelen, Décisioune sin, mat denen déi Jonk scho muer musse liewen. Dofir misst et nëmmen normal sin, dass mer déi Haaptbetraffe vu muer och géifen ëm hir Menung froen an hinne Matbestëmmung erméiglechen.

Dobäi geet et nët duer, datt ee sech op sougenannt Jugendparlamenter oder Diskussiounsronne beschränkt. Ech hat schon 1995 gesot, datt esou Jugendparlamenter am Endeffekt politesch Sandkëschte sin. Déi hu vläicht e pedagogesche Wäert, déi Jonk kréien en Ableck, wéi e Parlament an e Walgeschäft fonktionnéiert, si kënne motivéiert gi fir déi politesch Geschéien. Wa mer déi Jonk awer wëllen als vollwäerteg Biirger an d'Gesellschaft integréieren, da muss een hinnen den Zougank zu denen elementaarste